Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp St. Pirmin vum Séi | 12, an der Huuscht L-9150 Eschdöerf | Tel : 621656789 wellef.vum.sei@gmail.com | http://pirmin.pulse.lu

Eschdöerf, den 18. November 2010

Léif Biber, léif Wëllef, léif Avex, léif Carapio, léif Elteren,

Den **11. Dezember 2010** ass et erëm souwäit! Dann hu mir eis, scho bal traditionell, Chrëschtveillée, déi dëst Joer awer eng Advenstveillée gëtt.

Alleguer d'Branchen hunn dee Samschdeg um **14.00 Auer Versammlung** an dës dauert bis 16.30 Auer. Ab 16.15 Auer wiere mer frou wa mer iech an är Famill kéinten emfänken, fir pénktlech um **16.30 Auer** mat engem besënnleche Moment eis Veillée zesummen unzefänken.

Et wier et gutt wann dir kéint eng waarm Jackett an déck Schung undoen, well wann d'Wieder net all ze vill schlecht ass, ass een Deel vun der Veillée dobaussen. No deem besënnlechen Ament, kucke mer wéi all Joer zesummen d'Fotoe vum läschte Joer. Duerno gett et e Maufel ze iessen an eppes Waarmes ze drénken.

Mir wäre frou, wann dir géingt kommen fir dësen Owend zesummen ze verbréngen.

Mat beschte Gréiss,

Olivier Ludovicy
Gruppechef

Martine Stephany
Gruppecheftaine adjointe

Eis ASBL mécht och dëst Joer Adventskränz a Chrëschtdekoratioun. Dir kënnt iech äert Arrangement bestelle beim Edmée Schank um Telefon: 83 94 42 oder per email: edmee.schank@education.lu

D'Kränz ginn d'nächst Woch gemaach, vum 22.-26.11.2010, all owes vu Méindes bis Freides ab 19.00 Auer am Chalet. Kommt an där Woch w.e.g. och een oder méi Owender an de Chalet an hëlleft d'Kränz bastelen! Dir kënnt folgend Saache matbréngen: Secateur, Décomaterial, Naturmaterial (Gënz, Pällem, Efeu...).